

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04. Mäerz 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Transportminister weiderzeleeden.

Am Artikel "Les avions fantômes du Findel" vum 18. Februar 2021 gëtt op Reporter.lu, vu grave Sécherheetslücken an der Iwwerwaachung vum ziville Lëtzebuenger Loftraum bericht. D' "Direction de l'aviation civile" (DAC) huet der zoustänneger "Administration de la navigation aérienne" (ANA) am Kader vun engem "Audit continué" vum 10. an 11. November 2020 en "avis de non-conformité" vun den Iwwerwaachungsinstrumenter ausgestellt, déi aktuell um Findel agesat ginn. Den Avis bezitt sich op d' Systemer vun der Kommunikatioun, der Navigatioun an der Iwwerwaachung.

Déi Sécherheetsmängel hu laut den Informatiounen vu Reporter.lu aleng fir d' Joer 2019 zu 1473 Zwëscheffäll gefouert, datt Fligere vum Radar verschwonne waren, Phantomfligere ugewise goufen déi net do waren an datt Fligere mat enger falscher Identitéit um Radar ugewise goufen.

An deem Kontext hunn ech folgend Nofro un den Här Transportminister:

- 1) Wéi eng konkret Mängel goufen an dem Avis vun der DAC genannt?
- 2) D' ANA huet bis zum Enn vum Joer Zäit fir sämtlech Mängel ze redresséieren: wéi ass den aktuelle Stand vun der Ëmsetzung? Kann dësen Delai agehal ginn?
- 3) Wéi eng Konsequenze riskéiert Lëtzebuerg schlëmmstefalls, wann des Mängel net am Delai behuewe ginn: kéimt et zu enger Sperrung vum Findel an dem Lëtzebuenger Loftraum kommen?
- 4) Wéi vill sou Zwëscheffäll huet den Transportministère vum 1. Januar bis zum 31. Dezember 2020 registréiert?
- 5) Wéi vill sou Zwëscheffäll huet den Transportministère vum 1. Januar 2010 bis zum 31. Dezember 2020 insgesamt registréiert?
- 6) Wéi eng Airlines waren 2020 vun deenen Zwëscheffäll betraff?
- 7) Wéi presentéiert sech d' Opdeelung zwëschent Passagéier- a Frachtflug bäi sou Zwëscheffäll fir d' Joeren 2019 an 2020?
- 8) Wéi eng Zousazkäschte sinn 2019 an 2020 duerch sou Zwëscheffäll entstan?
- 9) Wéi hunn eis Partner vun EUROCONTROL bis lo op déi Zwëscheffäll reagéiert?
- 10) Wéi wierken sech des Incidenten op déi privatwirtschaftlech Reputatioun vum Findel als internationalen Passagéier- a Frachtflughafen aus?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

